

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

No eiser Kenntnis gouf d'Kilometerpauschal säit hirer Aféierung vun 1992 ni indexéiert. Den deemolege Montant vu knapp 4.000 Frang gouf spéider op knapp 100 Euro ëmgerechent. Säit 1992 sinn d'Transportkäschten, notamment d'Energiekäschten awer massiv geklomm.


An deem Zesammenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi si allgemeng zu enger méiglecher Indexéierung vun der Kilometerpauschal steet?
- 2) Kann d'Regierung chiffréieren, wéi eng réckwierkend Indexéierung vun der Kilometerpauschal sech op de Staatsbudget géif auswierken?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Roy Reding
Deputéierten



Äntwert vun der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro n°6387 vun den honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser a Roy Reding iwwert d'Kilometerpauschal.

An hirer parlamentarescher Ufro stellen déi honorabel Deputéiert Froen zu der Kilometerpauschal, déi am Steiergesetz virgesinn ass.

An deem Kontext gëtt op d'parlamentaresch Fro n°5146 verwisen, an där d'Regierung scho kloer gestallt huet, datt et aktuell keng Pläng gi fir eppes un der Kilometerpauschal ze änneren.

D'Regierung investéiert konsequent säit Joren an den ëffentlechen Transport. Duerch déi héich Investitiounen an d'Schinnennetz an den Weiderausbau vum Tram gëtt d'Verkeiersnetz nohalteg verstärkt, an erhéijt esou d'Offer an d'Qualitéit vum ëffentlechen Transport, dee säit dem 1. Mäerz 2020 gratis ass.

Et ginn duerfir weiderhi keng Pläng fir eng allgemeng Upassung vun der Kilometerpauschal oder de Montant vun dëser ze indexéieren.

Bei enger réckwierkender Indexéierung géif sech den budgetären Impakt vun der Kilometerpauschal op ronn 350 Milliounen Euro järelech belafen.

Lëtzebuerg, den 31. August 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes